



► **M. le Président.-** Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.-** Neen, Här President. D'Regierung huet lech fir de Moment näischt matzedeen. Dat kann nach änneren.

► **M. le Président.-** Merci, Här Minister. Den Här Huss fret d'Wuert zum Ordre du jour.

1. Dépôt d'une motion par M. Jean Huss

► **M. Jean Huss (déi gréng).-** Merci, Här President. Et ass, fir den Dépôt vun enger Motioun ze maachen, déi vun der grénger Fraktioun ënnerstëtzt ass, déi mer awer oploosse fir Kollege vun anere Fraktiounen, déi dat eventuell wëilten ënnerschreien.

Et geet dobäi ëm déi vergaange Mënsche-rechtsverletzungen am Iran. Ech ginn net an den Detail. Dir wësst allegueren, wat do an deene leschte Méint no de Wahlen geschitt ass, och elo mat rezenten Doudesurteeler. An et ass ze fäerten, datt et spëtstens d'nächst Woch den 11. Februar am Iran zu nach méi schlimme Mënsche-rechtsverletzungen kënnt, well do grouss Demonstratiounen ugekënnegt si wéinst dem 31. Joresdag vun der dorteger iranischer Revolutioun, a well do souwuel de Regime wéi d'Oppositionskräfte dozou opruffen. An et riskéiert wierklech nach eng Kéier zu schlimmen Ennerdréckungen an zu schlimme Kläppereien a Folter, Mord an Haftung an esou virun ze kommen.

Duerfir elo haut zu dem Dépôt vun dëser Motioun, déi just meng Ennerschrëft am Moment dréit, awer vun der grénger Fraktioun ënnerstëtzt ass. Mä wann aner Kollegen dat wëllen ënnerstëtzen, kënnen se dat roueg maachen, wa si se gelies hunn.

Motion

La Chambre,

- *considérant les résultats et les circonstances des élections présidentielles iraniennes du 12 juin 2009;*

- *considérant la résolution du Parlement européen sur l'Iran, votée le 22 octobre 2009;*

- *considérant la résolution de l'Assemblée générale des Nations Unies du 29 octobre 2009 sur la situation des Droits de l'Homme en République islamique d'Iran;*

- *déplorant que ni le Parlement iranien, ni aucune autre autorité iranienne n'aient ouvert une enquête circonstanciée sur les nombreux doutes pesant sur la régularité de l'élection présidentielle;*

- *constatant que la contestation du résultat s'est rapidement transformée en un large mouvement de protestation, aussi bien à l'intérieur qu'à l'extérieur de l'Iran;*

- *déplorant la répression violente des manifestations, voire d'une partie de la société civile iranienne*

- *condamnant l'intimidation systématique de la société civile, les arrestations arbitraires, les mauvais traitements et des actes de torture ayant causé des morts et des blessés dans la rue et dans les prisons;*

- *admirant l'engagement des Iraniennes et Iraniens qui continuent d'exprimer leur opinion en dépit des risques évidents pour leurs études, leur carrière professionnelle, leur santé, leur vie voire celle de leurs familles;*

invite le Gouvernement:

- *à condamner sévèrement la répression par les autorités iraniennes des manifestants en Iran;*

- *à soutenir et à encourager activement les efforts de l'Union européenne et de la Communauté internationale en faveur du respect des Droits de l'Homme en Iran;*

- *à soutenir, si nécessaire, la mise en place de sanctions politiques et économiques ciblées visant les élites du régime mais n'affectant pas les droits élémentaires du peuple iranien.*

tant pas les droits élémentaires du peuple iranien.

(s.) Jean Huss.

► **M. le Président.-** Merci dem Här Huss. Als éischte Punkt vun eise Ordre du jour vun... Här Henckes, jo?

2. Dépôt d'une proposition de loi par M. Jacques-Yves Henckes

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).-** Här President, ech wollt just eng Proposition de loi déposiere fir e Referendum, ob et soll e City-Tunnel oder en Tram léger ginn. Wann ech gelift.

- *Proposition de loi N°6111 relative à l'organisation d'un référendum national concernant la réalisation soit du projet «City-Tunnel» soit du projet «tram léger»*

► **M. le Président.-** Merci, Här Henckes. Da komme mer elo awer definitiv zum éischte Punkt vun eise Ordre du jour vun haut, nämlech dem Projet de loi 5718 iwwert d'Responsabilité pénale. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: d'Madame Polfer, den Här Bodry, den Här Braz an den Här Henckes. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jean-Louis Schiltz. Här Schiltz, Dir hutt d'Wuert.

3. 5718 - Projet de loi

1. introduisant la responsabilité pénale des personnes morales dans le Code pénal et dans le Code d'instruction criminelle

2. modifiant le Code pénal, le Code d'instruction criminelle et certaines autres dispositions législatives

Rapport de la Commission juridique

► **M. Jean-Louis Schiltz (CSV), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet, mat deem mer haut hei ze dinn hunn, ass e Projet, dee sech an den internationale Kontext aschreift, mä deen awer zolidd Implikatiounen am nationale Recht wäert hu vun deem Moment un, wou e gestëmmt ass respektiv en vigneuer trëtt. An ech mengen och, datt en net aus der Aktualitéit wäert verschwannen, wa mer en haut gestëmmt hunn, well et nämlech, wat eisen Droit pénal ubelaangt, eng kleng Revolutioun no iwwer 200 Joer duerstelt.

Mat deem Projet hei associéiert sech Lëtzebuerg deenen internationalen Efforten - alt erëm eng Kéier, géif ech gare soen - dahin gehend, datt et keng Impunitéit dierf ginn, wann insbesondere schlémm Infractiounen geschéien. An duerfir och d'Introductioun an d'Lëtzebueger Recht vum Prinzip vun der Responsabilité pénale des personnes morales, wat e Broch ass par rapport zu deem, wat mer ëmmer hei kannn hunn.

Lëtzebuerg genau wéi Frankräich an d'Belsch si Länner, déi hire Rechtssystem weiderhin op déi Coden opbauen, déi aus den Zäite vum Napoleon hierkommen, sief dat de Code civil, sief dat de Code pénal. Dat si Coden, déi - a wann ech insbesondere vum Code pénal schwätzen - de Prinzip vun der pénaler, vun der strofrectlecher Verantwortung vun de juristesche Persounen net kennen. Mir féieren dee Prinzip elo hei an. An an deem Sënn ass dat e Broch mat deem, wat mer bis elo kannn hunn. An an deem Sënn ass et och eng kleng Revolutioun.

De Fait, datt mer e System haten, deen iwwer 200 Joer de Prinzip vun der strofrectlecher Verantwortung vun de juristesche Persounen net kannn huet, erkläert och, datt et genau wéi a Frankräich an an der Belsch net einfach ass, dee Prinzip elo an d'Lëtzebuerger Recht anzeféieren.

An op praktesch alle Punkte vun deem Projet begéinen mer déi grondsätzlech Schwierigkeet erëm, déi doranner besteet, datt mer e System opgebaut hunn, deen am Strofrect just d'Responsabilitéit vun de physische Persounen kennt. Elo sëtze

mer niewendrun och de Prinzip vun der strofrectlecher Verantwortung vun de juristesche Persounen.

Alles dat ass net einfach, wann een dat muss an e Regelwierk abauen, wat 200 Joer laang an nach e bësse méi besteet. An déi Schwierigkeet zitt sech och wéi e roude Fuedem duerch all Artikele vun deem Gesetz an huet sech och wéi e roude Fuedem duerch déi Diskussioun gezunn, déi mer an der Chamberskommissioun haten.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamberskommissioun huet, wat dee Projet hei ubelaangt, missen ënner denkbare schlechte Konditiounen schaffen. Mir hunn ënner extremem Zäitrock geschafft. Mir wësse säit 2000, datt eist nationaalt Recht muss adaptéiert ginn, fir précisément déi strofrectleche Verantwortung vun de juristesche Persounen anzeféieren.

De Projet ass 2007 déposéiert ginn, 2008 huet d'Regierung Amendementen déposéiert. Mir kruten den Avis vum Statsrot den 19. Januar 2010. A virun deem internationalen Hannergrond ass et wichteg, datt mer dee Projet haut stëmmen, well, an de Minister wäert sécherlech herno nach dorobber agoen, international Rendez-vousen ustinn an deenen nächste Wochen, esou datt d'Chamber hei huet missen e Kraftakt vollzéien, fir dee Projet hei op den Ordre du jour haut ze kréien.

D'Kommissioun, Här Minister, an Dir wësst et, huet mech gebieden, lech matzedeen, datt mer dat elo eng Kéier matgemaach hunn, mä datt mer lech dankbar wäeren, wann Der net méi esou erëmkéimt.

(Interruption)

An Dir hat eis och versprach, wann ech dat géif hei op der Tribun haut soen, an der Kommissioun, géift Der net aus der Këscht sprangen. Duerfir sinn ech lech am Numm vun all de Kollegen dankbar, datt Der net aus der Këscht sprangt. An aller Frëndschaft, Här Minister, kommt net méi esou erëm. Mä Dir hutt jo Besserung gelobt. An ech mengen, datt mer dee Projet och an deem Sënn hei begleet hunn, datt mer en haut kënnen stëmmen.

(Interruption)

Souguer de Statsrot, dee jo net derfir bekannt ass, datt e sech an den Artikele net méi erëmfënnt, huet, wat deen zousätzlechen Avis ubelaangt, deen en eis den Dënschdeg de Mëtteg zoukomme geloos huet, festgestallt entre-temps, datt do eng Referenz vun engem Artikel op deen aneren net richtig ass, an e Rectificatif erausginn. Och dat weist, mengen ech, datt net nëmme d'Chamber ënner Zäitrock geschafft huet, mä och de Statsrot.

Dee Rectificatif ass, gëtt mer vum Greffe gesot, ënnerwee. Et handelt sech just ëm d'Ersetze vun enger 3 duerch eng 2 respektiv vun enger 2 duerch eng 3. Et huet näischt mat der Substanz ze dinn, mä an der Applikatioun hätt déi Schwierigkeet sécherlech zu Onnutt Ulass ginn.

Och well mer ënner Zäitrock geschafft hunn an och well mer d'Schwierigkeet hunn, op déi ech virdrun higewisen hunn, datt mer dee Prinzip vun der strofrectlecher Verantwortung vun de juristesche Persounen, jorzéngten-, jo zwee Jorhonerte laang net kannn hunn, hu mer an der Chamberskommissioun no pragmatische Léisunge gesicht, no einfache Léisunge gesicht. An ech mengen, datt dat och en ligne ass mat deenen Avisen, déi mer kritt hunn, sief et den Avis vum Statsrot oder den Avis vun der Chambre des Métiers, awer och dee vun der Chambre de Commerce.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zum Fong vum Gesetz wollt ech e puer grondsätzlech Iwwerleeungen heiustellen.

Éischtens, mat deem neie Gesetz wäert sech d'Situatioun vun den Opfer an enger ganzer Rei vu Fäll verbessern. Fréier, ier mer dat Gesetz haten, ass et oft esou gewiescht, datt ee strofrectlech belaangt ginn ass an och condemnéiert wor, datt deen net zahlungsfähig wor an datt d'Victime also iwwert den zivile Wee zousätzlech huet misse géint déi juristesche Persoun virgoen, déi och eppes domadder ze dinn hat, déi nun awer opgrond vum eiser Gesetzgebung net konnt pénal belaangt ginn.

Déi Situatiounen dierf et an Zukunft net méi ginn. Wann déi juristesche Persounen belaangt gëtt a wa se au pénal condemnéiert gëtt, kënnen en même temps och déi zivilrechtlech Froen, déi Konsequenze mat ofgehandelt ginn.

Et ass also net méi esou, datt, nodeems een eng Condamnation au pénal géint eng physische Persoun kritt huet als Victim mat oder ouni Partie civile, ee muss wéinst der Insolvabilitéit vun där physischer Persoun, oder well ee keng Partie civile gemaach huet géint déi physische Persoun, au civil nach muss géint déi juristesche Persoun, déi och mat implizéiert ass, virgoen. Ech denken, datt a Frankräich d'Katastroph vum Érika virun e puer Joer bewisen huet, wat d'Utilitéit ka vun enger Responsabilité pénale des personnes morales sinn.

Et ass awer och esou - an et ass meng zweet Observatioun -, wat de Fong ubelaangt, datt an dësem Projet och eng Verbesserung vun der Situatioun vun de physische Persounen mat drälait, op d'mannst op verschiddene Punkten. D'Situatioun vun de physische Persounen, wat hir strofrectleche Verantwortung ubelaangt, ka sech mat deem Projet hei och a verschidde Fäll verbessern.

Wa bis dato am Kader an als Suite vun engem Accident, zum Beispill an enger Fabrik, den Direkter inculpéiert ginn ass, kann an Zukunft d'Sociétéit direkt inculpéiert ginn an opgrond vum Prinzip vun der Opportunité des poursuites dovun ofgesi ginn, datt den Direkter inculpéiert gëtt, wann da kee spezifische Feeler géint hie virläit. Dat war bis elo net méiglech.

Domadder gëtt deen inculpéiert, deen au premier chef concernéiert ass, nämlech d'Gesellschaft, den Exploitant vun der Fabrik, an net den Direkter oder en anere Responsabelen. Ëmmer virausgesat selbstverständlich, et läit kee spezifische Feeler vir vun deem Direkter.

Dir wësst och, datt virun e puer Méint d'Konsequenzen um Geriicht vun engem Accident, wat sech zougedroen huet am Norde vum Land am Kader vun engem Rallye automobile, fir grouss Diskussiounen gesuergt huet. Et ass duerchaus virstellbar, datt mat deem neie Gesetz an Zukunft, wann esou en Accident ass am Kader vun engem Rallye, den Organisateur strofrectlech belaangt gëtt, an net méi de President vum Organisationscomité, ssou datt och do sech d'Situatioun vun de physische Persounen an deem Sënn verbessert.

Dat Ganzt setzt natierlech viraus, datt de Parquet am Zusammenhang vun der Applikatioun vun dësem Gesetz net nëmme d'Prinzipie vun dësem Gesetz applizéiert, mä och Gebrauch mécht vum Principe de l'opportunité des poursuites, dee beseet, datt de Parquet en Ermessensspielraum huet, fir ze decidéieren, ob oder ob net Leit strofrectlech belaangt ginn.

Et kann een dervun ausgoen oder et ass op d'mannst eng plausibel Hypothese, datt wann en Accident géif geschéien, nach eng Kéier am Kontext vun engem Rallye automobile, d'Resultat net wäert dat nämlech sinn, wat et an där Affär wor, nämlech datt net de President strofrectlech belaangt gëtt, mä den Organisateur selwer. Nach eng Kéier, alles dat nëmme, wann de Principe de l'opportunité des poursuites mat Fangerspëtzegefäll applizéiert gëtt a wann net mam decken Hummer virgaange gëtt. Ech hu kee Grond ze gleewen, datt dat sollt de Fall sinn.

Duerfir, dat neit Gesetz hei, d'strofrectleche Responsabilitéit vun de juristesche Persounen, kombinéiert mat der Applikatioun, wéi mer se bis elo kannn hu vum Principe de l'opportunité des poursuites, kann duerchaus d'Situatioun vun de physische Persounen an enger ganzer Rei vu Fäll verbessern.

Dat gesot - an dat wëll ech och awer kloer hei zum Ausdrock bréngen - ass de Cumul méiglech. Dat heescht, d'Gesetz gesäit vir, datt zur gläicher Zäit kann déi juristesche Persoun an awer och déi physische Persoun strofrectlech belaangt ginn. Et ass also net vu Gesetzesweeër hier deen een oder deen aneren; et ass vu Gesetzesweeër potenziell deen een an deen aneren. Mä wann een dat Ganzt mat deene generelle Prinzipie vun eise Droit pénal kombinéiert, nämlech deem vun der Opportu-



nité des poursuites, kann et duerchaus sinn, deen een oder deen aneren.

D’Kommissioun huet zum Ausdrock bruecht, datt an hiren Aen a besonnesch schlemme Fäll respektiv a Fäll, wou der physischer Persoun kann e separate Feeler nobewise ginn, de Cumul soll spillen, an an anere Fäll de Prinzip vun der Opportunité des poursuites soll dozou féieren, datt dee stroferechtlech belaangt gëtt, deen au premier chef concernéiert ass. An deene Beispiller, déi ech virdru genannt hunn, war dat all Kéiers d’Personne morale an net d’Personne physique.

Als drëtten oder véierte Punkt wëll ech drop hiweisen, datt d’Chamberskommissioun och décidéiert huet, datt déi juristesche Persoun ka belaangt ginn, net nëmmen, wann eng Aktioun do ass vun deenen, déi als Dirigeant de droit considé- réiert ginn, mä och wa Faiten do sinn, déi begaange gi si vun Dirigeants de fait. Och dat war eng international Exigenz an deem ganze Kontext. Mir hunn där Rechnung gedroen, well et normal schéngt, datt ee sech net kann hannert dem Text verstoppen, fir ze soen: Deen do ass elo net en Dirigeant de droit. Wann ee sech behëlt wéi en Dirigeant, da kann deem seng Aktioun och dozou féieren, datt déi juristesche Persoun belaangt gëtt.

Mir haten eng laang Diskussioun an der Kommissioun iwwert d’Fro, ob d’Gemengen ausgeschloss géife gi vum Text oder net. Ech ginn dervun aus, datt all déi, déi no mir d’Wuert huelen hei, wäerten op déi Fro agoen.

A Frankräich ass et esou, datt d’Trennungslinn gezu gëtt tëschent Aktivitéiten - an ech gebrauchen déi franséisch Wierder - „qui relèvent de l’exercice de la puissance publique“ an Aktivitéiten „qui ne relèvent pas de l’exercice de la puissance publique“.

An der Belsch sinn d’Gemengen ausgeschloss. Deen Ausschluss vun de Gemen- gen, dat heescht, datt se net stroferechtlech kënnen als Gemeng belaangt ginn, ass zweemol vun der Cour d’arbitrage an der Belsch validéiert ginn. Dat ass am Avis vum Conseil d’État nozeliesen. Obwuel d’Dok- trin dat hefteg kritiséiert hunn.

Mir sinn zur Konklusioun komm an der Chamberskommissioun, datt mer sollen de belsche Modell suivéieren. Do gëtt et eng ganz Rei vu Considérations, déi do mat- gespillt hunn. D’Kommissioun war der Meenung an ass der Meenung, datt d’po- litesch Auserneesetzung sech am Geme- nerot ofzespillen huet an net virun de Ge- richter.

D’Kommissioun huet sech schwéierge- doen, éischstens, à l’occasion vun engem stroferechtlechen Text ze definéieren, wat d’Puissance publique ass a wat et net ass, well dat eng Definition wär a géif ginn, déi eng Trennlinn géif zéien, déi net nëm- men an deem heite Text Applikatioun huet, mä och an aneren Texter. Dat war dat zweet Argument.

Dat drëtt Argument ass, datt et aus de- nen Zäitgrënn, vun deenen ech virdru ge- schwat hunn, ech mengen, och net méig- lech wier, datt mer als Kommissioun op eng uerdentlech Manéier déi Trennlinn gezunn hunn, déi sech am Iwwregen, wéi ech gesot hunn, schlecht géif zéie loos- sen an engem Text, deen e stroferechtliche Charakter huet.

D’Kommissioun war awer der Meenung, datt se eng gewësse Sympathie hätt fir déi Theese vum Statsrot, datt, wann d’Ge- menge géife kommerziell Aktivitéite maa- chen, ee sech muss d’Fro stellen, ob se als Gemeng unzegesi sinn am Sënn vun de- sem Gesetz. Dat ass eng Fro, déi d’Juris- prudenzen muss léisen. Den Text seet, datt d’Gemengen ausgeschloss sinn, datt se net stroferechtlech kënnen belaangt ginn.

D’Kommissioun mécht eng Rei Aussoen am Rapport zu där Fro do, wou se hir Meenung ausdréckt, wou een och kann tëschent den Zeile liesen. Mir mengen, datt dat do dee System ass, dee mer elo sollten zréckbehalen. Et ass awer net aus- geschloss, datt een op dee Punkt iergend- wann eng Kéier muss zréckkommen, well ëmmer nach am Raum steet de Fall, wou eng Gemeng eng kommerziell Aktivitéit huet, an eigentlech déi Exklusivoun sech op d’mannst an den Ae vun enger Rei vun de Membere vun der Kommissioun net rich-

teg justifiéiert.

D’Chambre de Commerce geet am Iwwre- gen och op dee Punkt an a freet, datt d’Gemengen net ausgeschloss ginn. Dat heescht, datt se stroferechtlech kënnen be- laangt ginn, insbesondere dann, wa se kommerziell Aktivitéite maaachen. Ech wollt dat vollstännegkeetshalber derbäifügen.

Ofschléissend nach ganz e puer Punkten, Här President. D’Strofen, déi virgesi sinn am Gesetz, si ganz zolidd. Mir hunn et hei ganz oft mat ekonomescher Aktivitéit ze dinn. De Maximum vun der Amende am Fall vun engem Crime ass 750.000 Euro. Am Fall vun engem Delikt ass e mol zwee par rapport zu deem sougenannten nor- male Strofmooos. An am Fall vu Récidive, dat heescht vun Infraktiounen, déi nach eng Kéier no éischten Infraktiounen kom- men, sinn déi Multiplicateurs nach eng Kéier méi zolidd.

D’Kommissioun ass sech och bewosst, datt dat zolidd ass, mä d’Kommissioun huet awer gemengt, datt, wann ee schonn op dee Wee do geet, solle mer dat och uer- dentlech maaachen. An da kann et net just fir d’Galerie sinn. Et ass selbstverständlech un de Gerichter, fir dat elo am Detail ze façonéieren. Um Législateur ass et, fir Maximume virzegesinn. Dat hu mer ge- maach.

Mir sinn och der Meenung - an dat ass mäin zweet- oder drëttleschte Punkt, mäin drëttleschte Punkt, datt déi Crainten, datt duebel bestrooft gëtt, déi a verschiddenen Avisen ugemahnt gi sinn, net justifiéiert sinn. Et war nach ëmmer esou, datt, wann ee pénalrechtlech belaangt ginn ass, stroferechtlech belaangt ginn ass, een och konnt zivilrechtlech belaangt ginn. Do än- nere mer näischt.

A wann een elo seet, datt zweemol stroferechtlech belaangt gëtt, da sinn et ëmmer zwee verschidden Auteurs respek- tiv en Auteur, e Coauteur an e Kompliz. Et ass also net zweemol deen nämlechten, dee stroferechtlech belaangt gëtt. Et sinn zwou verschidde Persounen, déi belaangt ginn: op där enger Säit am Prinzip eng ju- ristesche Persoun, op där anerer Säit eng physische Persoun.

Dat gesot, hunn ech virdrun e laangen Ex- posé gehalen iwwert d’Inzidenz vum Prin- zip vun der Opportunité des poursuites och par rapport an insbesondere par rap- port zu deem Text hei. Esou datt déi Crainte, déi zum Ausdrock bruecht ginn ass, datt duebel géif bestrooft ginn, sech an eisen Ae kaum bis guer net justifiéiert, och wann ee kuckt, datt mer ee Prinzip hunn, deen heescht non bis in idem. Dat heescht, et ka keen zweemol sanktionéiert gi fir datselwecht. An dee Prinzip gëllt selbstverständlech och hei.

De Statsrot huet virgeschloen, datt een och géif d’juristesche Persoune belangen, net nëmmen am Fall vun Delikter a vu Cri- men, mä och am Fall vu Contraventionen, also kleng Strohvergehen. D’Kom- missioun huet sech dogéint ausgeschwat aus deem Grund, datt d’Gefill an der Kom- missioun wor, datt mer eis Gesellschaft net sollen à outrance oder excessivement dem Droit pénal ënnerwerfen. Duerfir hu mer dat net zréckbehalen.

Mir hunn - an ech soen dat als leschte Punkt, als generell Observatioun - eng Ge- sellschaft, an där mer liwen, wou ëmmer méi Faiten, Aktiounen a souguer Omi- sionne stroferechtlech belaangt kënnen ginn, well de Législateur higee an a ganz villen Texter um Schluss vum Text ëmmer seet: A wann ee sech net un den Text hei hält, da kann ee stroferechtlech belaangt ginn.

Ech mengen, datt ech d’Gefill vun der Kommissioun richteg duerleeën, wann ech soen, datt d’Kommissioun d’Suerg huet, datt mer eis Gesellschaft net op eng iwwerdriwwen Mooss pénaliséieren, dat heescht dem Droit pénal zouwenden, an net all eenzelne Comportement, deen net honnertprozenteg ass, och mat enger Strof oder op d’mannst mat enger potenzieller Strof versinn. Dat gëtt ënnert dem franséi- schen Terme vun der Pénalisation à outrance vun eiser Gesellschaft gemenger- hand beschriwwen.

Mir wëssen, an de Minister huet eis dat gesot an der Kommissioun, datt hie selwer der Meenung ass, datt een net soll iwwer- dreiwien, wat déi Pénalisatioun ubelaangt. Déi Faiten, déi grave sinn an déi schlemm

sinn, solle sanktionéiert ginn. Mir hunn dofir en Arsenal am Droit pénal. Mä et soll net all klengen an x-beliebege Fait pénal sanktionéiert ginn. Do gëtt et en Équilibre, dee muss gewahrt bleiwen.

An ech wollt dofir och de Minister encou- ragéieren an deem Sënn weiderzeschaffen, andeems en all déi Texter, déi an Zukunft an d’Regierung kommen, och op deem Punkt iwwerpréift a kuckt, datt, wa vun de Kollege pénal Sanktiounen, stroferechtlech Sanktiounen an den Texter proposéiert ginn, datt de Justizminister eng Kéier dat iwwerkuckt, fir ze kucken, ob dat néideg ass, fir ze kucken, ob et eppes bréngt.

Ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass dat hei en Text, deen am Lëtzebuerger Strofrecht eng kleng Revolu- tioun duerstellt, well mer en neie Prinzip aféieren, dee mer iwwer 200 Joer laang net kannt hunn. D’Expérience muss weisen, wéi de Prinzip sech bewährt.

Mir hunn an där kuerzer Zäit, déi mer ha- ten, probéiert dat Bescht ze maaachen. Ech kann net ausschléissen, datt mer iergend- wann erëm eng Kéier mussen iwwer kuerz oder laang op den Text zréckkommen. Ech wollt och nach ausdrécklech all de Mem- bere vun der Kommissioun Merci soe fir déi Manéier, wéi se dee Projet hei begleet hunn, well ech mengen, wa mer net hei un engem gemeinsame Strang gezunn hätten, hätte mer et net fäerdeg bruecht. Här Bettel, voilà!

► **M. Xavier Bettel (DP).**- Très bien, Här Schiltz!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Als éischte Riedner ass d’Madame Lydie Polfer agedroen. Ma- dame Polfer, Dir hutt d’Wuert.

► **Une voix.**- Vergiesst net, dem Här Schiltz ze félicitéieren.

Discussion générale

► **Mme Lydie Polfer (DP).**- Här Presi- dent, léif Kollegen, ech wëll dem Rappor- teur effektiv Merci soe fir säi souwuel schrëftleche wéi och mündleche Bericht, deen duerch eng grouss Éierlechkeet ge- kennzeechent war. Hien huet déi Wieder gebraucht, datt mer hei ënner onméigle- che Konditiounen geschafft hunn. Ech ka mech natierlech deem nëmme ralliéieren.

Mä wéi gesot, hien huet schnell geschafft, ganz schnell. Mir hu schnell geschafft ën- nert der Présidence vun der Madame Pre- sidentin, an och an der aktiver Mataar- becht vum Minister. An ech muss soen, wa mer elo a 14 Deeg dat hei fäerdeg bruecht hunn, da kënnen mer duerfir frou sinn.

A mir droen dat och mat. Firwat? Well mer et eis guer net kënnen leeschten, net elo dee Projet de loi hei ze stëmmen, well mer soss nees op eng schwaarz Lëscht kom- men. Mä dat dierf ons awer net dervu blann maaachen anzegesinn, datt hei op eng - wéi soll ech soen? - irresponsabel Aart a Weis an deene leschte Jore geschafft ginn ass.

Well dat Gesetz, dee Gesetzesprojet, iwwert dee mer hei schwätzen an deen zwar nach eng Kéier amendéiert ginn ass vun der Regierung, deen 2007 also dépo- séiert ginn ass, deem ginn Engagementer viraus, déi mer scho vu ’97 u geholl haten. D’Konventioun iwwert d’Corruption d’agents publics étrangers dans les trans- actions commerciales internationales, déi ebe just d’Responsabilisatioun vun de Per- sonnes morales virgesäit, geet op ’97 zréck. An dunn an de Joren 2000, 2001, 2003, ëmmer nees, ëmmer nees sinn där Konventiounen derbäikomm.

An et huet also bis 2007 gedauert, bis de Justizminister hei eng Proposition virge- luecht huet. Jo, gewëss, et huet dunn och elo bis de Januar gedauert, bis de Conseil d’État säin Avis dozou ginn huet, wat jo elementar ass an indispensabel, fir datt mir kënnen driwwer befannen. A mir hunn dann eben elo a 14 Deeg dee Projet de loi hei ofgehaakt.

Nach eng Kéier, mir stinn zu deem, wat hei uitgemaach ginn ass, obschonn - an ech wëll dat awer och direkt am Ufank ën- nersträichen - déi Aarbecht net wierklech ofgeschloss ass. An de Minister - an ech wëll dorun erënneren - huet an der Kom- missioun den Engagement geholl, erëm- zekommen a mat eis iwwer ee Punkt ze

diskutéieren, op deen ech herno nach zréckkommen, deen net wierklech gekläert ginn ass, op alle Fall net wierklech zefridde stellend gekläert ginn ass. An dat ass dee vun der Responsabilité pénale vun dem Stat a vun de Gemenzen, a besonnesch hei de Gemenzen. Wéi gesot, ech kom- men drop zréck.

De Minister huet den Engagement geholl zréckzekommen, wann et muss sinn. An et muss, mengen ech, sinn, mat dem Innen- minister, fir hei ze kucken, wéi ee mat de Gemenzen, dem Syvicol eng zefridde stel- lend Léisung fënnt. Ënnert deene Kondi- tiounen si mer bereet, wéi gesot, deen hei Kompromëss oder deen hei Text matze- droen, well mer, nach eng Kéier, eis et net kënnen leeschten, net esou schnell wéi méiglech deen Text hei ze stëmmen.

Ëm wat geet et? Den Här Rapporteur huet et elo a sengem mündleche Bericht nach eng Kéier kloer gesot. Et geet drëm eppes anzeféieren, wat hien als Revolutioun be- zeechent huet. An et hätt een am Fong gemengt fir eng Revolutioun bräicht een heiansdo méi Zäit, fir dat ze preparéieren. Mä et ass eng juristesche Revolutioun am Kader vum Code Napoléon, deen ni eng Responsabilité pénale fir Personnes mora- les virgesinn huet, mä nëmme fir Per- sonnes physiques; also eng Verantwortung vun de physische Persounen. Dat kënnt elo derbäi.

An et muss een och soen, grondsätzlech gëtt dat vun alle Säite begréisst, souwuel vun der Chambre des Métiers wéi vun der Chambre de Commerce. D’ailleurs en Zee- chen, firwat datt mer ënner schrecklechem Drock geschafft hunn; mer konnten dem Avis vun der Chambre de Commerce emol net Rechnung droen. Dee koun ze spët hei an der Chamber un. Mir hunn en awer elo.

Also souwuel d’Chambre de Commerce wéi d’Chambre des Métiers begrëissen de Prinzip vun der Responsabilité pénale des personnes morales. Ech zitéieren d’Cham- bre de Commerce: «...un concept utile et quelquefois mieux adapté à la vie des af- faires...». Oder d’Chambre de Commerce: «...salue en principe l’introduction de la responsabilité pénale des personnes mora- les en droit pénal luxembourgeois. (...) L’irresponsabilité des personnes morales crée une insécurité juridique préjudiciable à l’installation de nouvelles entreprises au Luxembourg.»

Dat sinn also d’Grondastellunge vun de- nen zwou Chamberen zu der Indroduk- tioun vun der Responsabilité pénale des personnes morales. Mä - an natierlech, wéi oft ass en „Mä“ hannendrun - natierlech fäerte se - an de Rapporteur huet et ënner- strach -, datt duerch eben déi hei Intro- duktioun et zu enger Double peine ka kommen. Well effektiv souwuel den Auteur vun enger Infractioun, wat eng Personne physique ass, ka belaangt ginn, wéi eben och d’Personne morale, an där hirem Numm a fir där hire Profit dat Ganzt ge- maach ginn ass.

Mä de Prinzip non bis in idem, mengen ech, gëtt ons hei awer gewëssen Assuran- cen. An et ass ebe wéi an all Prozess d’Op- portunité des poursuites, déi ausschlagge- bend ass. Déi läit hei an den Hänn vum Parquet. A loosse mer hoffen an drop zie- len, datt eis Justiz ebe mat deem Text hei esou émgeet, datt eben och wierklech au cas par cas décidéiert gëtt, well et ebe méi richtig ass, fir deen een oder deen aneren, oder deen een an deen aneren ze belaa- gen. Mä wéi gesot, dat läit souwisou net an onsen Hänn, dat ze décidéieren. Dat ass d’Opportunité des poursuites, déi beim Parquet bleift.

Ech ginn net elo an den Detail vun de Peinen, déi virgesi sinn, mä ech kommen direkt op dee Punkt, deen an der Kommis- sioun bei Wäitem fir déi meeschten Diskus- siounen gesuergt huet an deen eben och net wierklech kloer ass. Dat ass dee vun dem Artikel 34, wou am Alinea 3 virgesinn ass, datt de Stat an d’Gemengen eben net hei ënnert déi hei Applikatioun falen.

Allgemeng an der Jurisprudenz gëtt gesot oder gëtt unerkannt, an och vun der



Chambre des Métiers wéi vun der Chambre de Commerce wéi vum Statsrot, datt dat, wat de Stat ubelaangt, datt dat och ganz normal ass. Well effektiv, et kann ee jo net op där enger Säit poursuivéieren... A wie poursuiviéiert an engem Procès pénal? Mä et ass de Stat. Et kann een also net déi eng Säit poursuivéieren an op där anerer Säit sech selwer poursuivéieren.

Fir et méi einfach ze soen: Wann de Stat sech selwer géif poursuivéieren an e géif eng Amende ausschwätzen, loosse mer soe vun 200-, 300-, 400.000 Euro, da géif e sech selwer déi ginn a se och selwer nees astiechen. Et ass jo nämlech esou, datt mir hei net am Zivilrechtlechen, mer am Pénalé sinn. Bon, sou datt dat also fir de Stat als solche vun alle Säiten als normal ugesi gëtt, datt de Stat net drënnerfält.

Par contre, wat d'Gemengen ubelaangt, do trennen d'Geeschter sech. Souwuel d'Chambre de Commerce wéi d'Chambre des Métiers wéi och de Statsrot hunn ons hei un d'Häerz geluecht, am Fong en Ënnerscheed ze maachen zwëschent deene verschiddenen Aktivitéiten, déi d'Gemengen exercéieren. Déi eng, déi sech méi no bei de Prestations de services uleëen an déi net wierklech en Exercice vun der Puissance publique sinn, a fir déi, déi net den Exercice vun der Puissance publique wieren, do effektiv eben och d'Responsabilité pénale virzegesinn.

Mir hunn dat laang diskutéiert a mir si schlussendlech awer zur Konklusioun komm, datt, well mer eben - ech kommen nees op déi éischt Kritik zrëck - am Zäitdrock waren a well dat do awer eng Fro ass, déi vill méi déif geet. Well - an ech bréngen dat vläicht nei an d'Diskussioun - där Aktivitéiten, qui ne relèvent pas exclusivement de l'exercice de la puissance publique, déi gëtt et net nëmme bei de Gemengen, déi gëtt et och beim Stat. An dofir: Firwat maache mir deem terriblen Ënnerscheed, wat de Stat ubelaangt a wat d'Gemengen ubelaangt? Am Fong kann ech dat net novollzéien. Dofir, och dat eleng, dat bedéngt, datt mer eis nach eng Kéier méi eingehend mat där doter Diskussioun befaassen. An ech zielen drop, datt de Minister ons herno och nach eng Kéier d'Assurance gëtt, datt dat, wat en eis gesot hat an der Kommissioun, datt en dat hei och nach eng Kéier widderhëlt.

De Statsrot, deem hat virgeschloen, an deem Kontext en Amendement anzubringen, mä wéi gesot, éischters hätt dat dann nëmme nees d'Gemeenge betraff. Or, hei sinn net nëmme, hei wieren net nëmme d'Gemeenge betraff, mä de Stat kann och a gewëssenen Aktivitéite betraff sinn. Dofir war dat finalement awer keng esou eng gutt Léisung.

Wat wier den Avantage vun der Responsabilité pénale vun dem Stat oder de Gemengen? Et wier déi nämlech Léisung wéi eben och bei den Activités privées. Et wier, datt, wann eppes geschitt, an et si Victimen do, datt, wann een eng Responsabilité pénale vun enger Personne morale huet, déi méi solvabel ass, ee méi schnell kann effektiv an de Genoss vun Indemnitéite de dédommagement kommen, och Dédommagement moral zum Beispill. Dat wier ganz sécher en Avantage.

Op där anerer Säit besteet awer de Risiko - an de Rapporteur huet et ënnerstrach - vun enger Politisatioun vu pénalen Affären. An effektiv, de politeschen Débat, dee soll sech um politesche Feld an de Gemengen, an der Chamber hei ofspillen, an net virun den Tribunäl. Aus deenen Ursache ware mer, wéi gesot, bereet engersäits, elo an dësem Moment déi Formule matzedroen, déi am Gesetz virgesinn ass. Dat heescht, datt de Stat an d'Gemengen ausgeschloss sinn. Mä d'Kommissioun selwer - an deem, dee sech d'Méi mécht, de Rapport vun dem Rapporteur ze liesen, gesäit et - seet, datt mer am Fong gäre mat op de Wee gaang wiere vum Conseil d'État, mä datt mer de Moment awer nach dervun ofgesinn, well et eben awer méi komplizéiert ass, wéi et sech an engem éischten Abléck ugesäit.

Aus all deenen Ursachen, Här President, kommen ech heihinner, fir den Accord vu

menger Fraktioun ze bréngen, mä awer mat deem nämlechte Wonsch, wéi de Rapporteur e virbruecht huet: Et ass indigne vun dem Travail législatif, esou e wichtigen Dossier wéi deem hei esou laang op d'laang Bänk ze schieben. An ech mengen, dat solle mer eis wierklech oder soll d'Regierung sech déi nächste Kéier méi zu Häerz huelen. An dat ass net perséinlech gemengt, mä dat ass eng allgemeng Remarque.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen der Madame Polfer Merci. An als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Här Bodry, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat engem relativ grouse Veruch zu aneren europäesche Rechtsstaten a Wirtschaftsstanduenter féiert Lëtzebuerg déi pénal Verantwortung vun de sougenannte moralesche Persounen, also vun de Gesellschaften an e sem Rechtssystem an.

Ech géif net soen, dass dat onbedéngt eng Revolutioun ass, well mer awer schonn eenzel sektoriell Texter kennen, wou et zumindest am administrative Beräich Amendé fir Gesellschaften scho gëtt, also eng Zort vun awer Bestrofung och vun enger Gesellschaft, wann an der Gesellschaft an zu hirem Profit eigentlech Feeler gemaach si ginn. Mä et ass awer eng duebel Reform, eng Reform eigentlech vun e sem Gesellschaftsrecht an eng Reform vun e sem Strofrecht.

Dës Gesetz, dat muss een och ganz kloer soen, och wann elo an den Avisen déi verschidde Kreesser sech prinzipiell fir dës Reform ausschwätzen, ass awer e Gesetz, wat net op eng reng Lëtzebuurger Initiativ zrëckgeet, mä wat d'Konsequenz ass, déi méi wéi logesch Konsequenz ass vun enger Rei vun internationale Konventiounen oder Rechtsakten, déi Lëtzebuerg iwwert déi lescht Joeren ënnerschriwwen huet, déi also elo mussen och hei zu Lëtzebuerg dann ëmgasat ginn.

Mir maachen dat, wéi gesot, relativ spéit. Méi spéit wéi déi meeschten aner Staten. Dat gesäit een eleng doduerch, wann een nëmme bei eisen Nopeschlänner kuckt, déi alleguerten awer och déiselwecht Source hunn, nämlech de Code Napoléon, da gesäit een, dass am Frankräich schonn am Joer 1994, also viru 16 Joer, légiféiert ginn ass an deem dote Beräich, an d'Belsch dat 1999 gemaach huet. Dat sinn och schonn erëm eng Kéier eelef Joer hier.

Et ass also esou, dass dës Schrëtt iwwerfällg ass. An ech bedauere mat aneren déi dach Précipitatioun, an där d'Chamber huet misse schaffen, well ebe vill Zäit vergangen ass zënter der Transmissioun vun engem éischten Avant-projet de loi vun der viregter Regierung, dat war am Dezember 2005, bis, wéi gesot, de Januar 2010, wou den Avis vum Statsrot virlouch, an och en offiziellen Avis vun der Chambre de Commerce den 18. Januar komm ass, deem awer net méi konnt berücksichtegt ginn, well en ze spéit komm ass, nodréiglech eigentlech zu eiser Aarbecht eréischt publizéiert ginn ass.

Et ass sécherlech kee Paradebeispill fir eng exemplaresch legislativ Aarbecht, an et muss sécherlech esou sinn, dass mer alleguerten aus deem heite Virfall léieren an dass mer eis an Zukunft nach méi intensiv, nach méi déif mat esou awer Gesetzesprojeten, déi relativ komplex sinn, kënnen beschäftegen, wéi dat hei de Fall ass.

Ech wëll awer soen, dass mer probéiert hunn, an där kuerzer Zäit awer eng ordentlech Aarbecht ze maachen als Chamber. Duerfir och eise Merci un de Rapporteur, deem déi net vläicht ganz dankbar Aufgab hei iwwerholl huet, fir deem doten Text hei iwwert déi parlamentaresch Hürden ze bréngen.

Ech wëll ganz kloer soen, dass mer als sozialistesch Fraktioun begrëssen, dass et zu där Neierung hei am Strofrecht an am Handelsrecht kënn. Well mer dovunner iwwerzeegt sinn, dass virun allem dat do kann an enger ganz Parti Fäll zu enger Verbesserung vun der Situatioun vun der Victime féieren, déi also an Zukunft net méi eleng mat enger Privatpersoun konfrontéiert ass - een, deem also an enger Gesell-

schaft e pénale Feeler gemaach huet, deem hir Schued gemaach huet -, mä et elo eigentlech niendru kann ze dinn hu mat der Gesellschaft selwer, déi an der Regel méi solvabel ass wéi d'Privatpersoun, also och méi Chance besteet, dass dat Affer do seng Indemniséierung kritt fir dee Schued, deem duerch d'Strofdot entstanen ass.

Et bréngt och d'Vereinfachung an deem Sënn, dass vläicht net muss d'Affer en zweeten Zivilprozess ustrengen, mä iwwert d'Partie civile am Pénalprozess géint d'Gesellschaft also scho kann zivilrechtlech Satisfaktioun kréien.

Interessant wär et an enger méi grousser Reform vum Code pénal - an ech mengen, dass d'Regierung sech jo uschéckt en Toilettage vun e sem Code pénal virzehuelen -, fir méi Kohärenz eigentlech, besonnesch och an d'Strofbestëmmunge vun e sem Code pénal eranzekréien. Well do ebe verschidden Infractionen aus verschidden Epochen zesummegeallt si ginn an et néideg wier also, do eng kloer Linn erëm eng Kéier an dee ganze Beräich eranzekréien, wann een an deem Zesammenhang och géif eng komparativ Etüd maache vun där Fro vun der Strofverantwortung vun de Gesellschaften a vun den Dirigeanten, och am Verglach, am Droit comparé, am Verglach mat Frankräich, mat Belsch, mat anere Staten, fir ze gesinn, wéi do wierklech d'Situatioun ass.

Hei ass et jo esou, dass d'Regierung sech deelweis un dem belschen Text inspiréiert huet, punktuell och Inspiratioun gesicht huet un franséischen Text a gläichzäiteg probéiert huet, och der Spécificitéit vun dem Lëtzebuurger Pénalrecht Rechnung ze droen.

Et ass also eng relativ komplex Situatioun, an et wär - mengen ech - gutt, dass een eng Kéier wierklech eng Géintwuerstellung huet vun deenen eenzelne Regimen, wat déi stroferechtlech Haftung vun och de Gesellschaften ugeet, fir dann definitiv kënnen eng kloer Linn an eis Lëtzebuurger Législatioun eranzebréngen.

Mir begrëssen och, dass schlussendlech d'Kommissioun net den duale System zrëckbehalen huet, deem iwwert d'Amendementé vun der Regierung agefouert ginn ass, mä dass mer do mat engem Regime vun der Responsabilité pénale vun de Gesellschaften ze dinn hunn. Dat ass, mengen ech, rechtlech méi kloer, wéi wa mer elo probéiert hätten, fir gewëssen Infractione speziell Regele festzeleeën. Ech mengen, et ass gutt, dass mer d'Optioun geholl hu vun der Vereinfachung an dass mer hei net versicht hunn, en duale System an deem heiten Deelberäich vun e sem Strofrecht elo opzebauen.

Lëtzebuerg, dat ass och wichtig, mécht hei e Schrëtt, dee sécherlech och ka Positives bewirken, wat d'Fro vun der Moralisierung vun Wirtschaftslienen ugeet, eng Fro, déi jo elo an deene leschte Méint méi staark - och international - an der Diskussioun ass. Dat hei kann zousätzlech ofschreckend wirken. Dat hei kann also e preventiven Effekt hunn. Et ass och op deem, wou mir och als LSAP éischer zielen, wéi dass elo wierklech déi Bestrofung u sech viles kéint verännere par rapport zum aktuelle System.

Et ass vläicht gutt, awer och e Wuert iwwert den aktuelle Rechtssystem ze soen, wéi en haut besteet. Haut ass et esou, dass, wann also an enger Gesellschaft eng Strofdot gemaach gëtt am Kader vun der Aktivitéit vun där Gesellschaft, dass do d'Gerichter scho kucken, fir d'Responsabilitéit vun den Dirigeanté festzustellen, an den Dirigeant sech kann exonéieren, awer nëmme, wann et him geléngt ze beweisen, dass hien eigentlech keng direkt Kontrollfonction hat, mä datt am Fong déi Kontrollfonction un eng drëtt Persoun am Betrib weidergereecht ginn ass, déi déi néideg Kompetenzen hat a Pouvoiren hat, fir och direkt ze kontrolléieren an anzewirken, wa sollt e feelerhaft Verhalen an deem Betrib vun anere Leit geschéien.

Dat ass haut eigentlech déi Jurisprudenz, wéi mer se zu Lëtzebuerg kennen, déi relativ fluctuant ass, déi vu Fall zu Fall kann erëm anescht ausgesinn. An et ass, mengen ech, also och an deem Sënn net onwesentlech, dass een hei en zousätzlech System mat erakritt, wou wichtig ass, dass een déi Responsabilitéite sech net déi

eng déi aner ausschléisst, mä dass mer hei e Cumul vu stroferechtliche Responsabilitéiten hunn. Den Dirigeant ka weiderhin direkt responsabel, och pénal responsabel sinn, an doniewent kann et zu enger pénaler Responsabilitéit vu senger Gesellschaft kommen.

Wat awer wichtig ass - an do si mer méi restriktiv wéi d'Belsch a wéi Frankräich -, dass net virgesinn ass, dass automatesch, wann eng Strofdot an engem Betrib gemaach gëtt, dass dann d'Gesellschaft och pénal responsabel ass.

Fir dass déi pénal Responsabilitéit vun der Gesellschaft an Zukunft spilt, muss et esou sinn, dass déi Strofdot, déi am Betrib vun engem Agent vun där Gesellschaft gemaach ginn ass, dass déi am Interesse vun der Gesellschaft war an am Numm vun der Gesellschaft geschitt ass.

Wat wichtig ass, dass mer hei zu Lëtzebuerg déi zweet Konditioun bäigeschriwwen hunn, dat heescht och am Interesse vun der Gesellschaft muss geschitt sinn, während an der Belsch an am Frankräich et duergeet, wann déi Strofdot am Numm vun der Gesellschaft geschitt ass. Do hu mer also méi e restriktive Champ d'application, wéi dat an eisen Nopeschlänner de Fall ass.

Ech fannen och perséinlech, dass dat gutt ass, dass een do net iwwert d'Zil eraus schéisst.

Wéineg Versteesdemech hunn ech fir déi Chambres professionnelles haaptsächlech, déi hei de laténgeschen Adage non bis in idem uféieren, fir ze soen: „Mir müssen awer oppassen. Si mer hei net an engem Beräich, besonnesch, wa mer vun S.à r.l.e schwätzen oder vu Sociétés unipersonnelles schwätzen, wou een eigentlech weinst deemselwechte Fait zweemol gestrooft gëtt?“

Ech hu Schwierigkeeten, dat do nozevollzéien, well et kann een net de Botter an de Präis vum Botter gläichzäiteg hunn. Et kann een also net soen, mir halen d'Fiktioun vun enger getrennter Personalitéit oprecht a gewësse Beräicher, vun deem deem dran ass an der Gesellschaft a vun der Gesellschaft selwer, a stroferechtlech op eemol wär dat eng Persoun. Dat geet net.

Wa mer déi Fiktioun vun der Personalitéit morale hunn, da muss mer déi natierlech och bäibehalen a sämtleche Beräicher. Da muss déi natierlech och am stroferechtliche Beräich bestoen, sou dass dat Géigenargument do, wat vu verschiddene Wirtschaftskreesser an d'Feld gefouert gëtt, hei sécherlech net stéckhalteg ass.

Eng Diskussioun hate mer iwwert den Uwendungsberäich vun deem heiten neie Gesetz, wou elo virgesinn ass, dass dat fir de Beräich vun den A.s.b.l.en a vun de Fondatiounen och soll gellen, wéi dat och am Frankräich an an der Belsch de Fall ass. Et muss ee kucken, wat d'Répercussione vun där zousätzlecher pénaler Responsabilitéit an deem dote Beräich sinn.

A mir sinn als LSAP-Fraktioun der Meinung - ech hunn et och däitlech gemaach an den Diskussiounen an der Kommissioun -, dass et gutt wär, dass, wa mer déi Diskussioun féiere ronderëm eng méiglech Reform vun eiser Législatioun, wat d'A.s.b.l.en ugeet an d'Fondatiounen ugeet, dass do och besonnesch déi Fro vun der Responsabilité civile et pénale vun der Gesellschaft respektiv vun deenen Associéen, respektiv den Dirigeanté vun deene gemeinnützege Gesellschaften och nach eng Kéier soll am Detail gekuckt ginn.

Mir müssen, mengen ech, alles maachen, dass mer sécherlech eng Rei vu Mëssbräich ausschléissen, mä awer och derfir suergen, dass d'Benevolat zu Lëtzebuerg hei nach kann normal fonctionnéieren a sech weider ausbauen. Duerfir muss mer also an där doter Fro ganz virsichtg sinn an à tête reposée un déi dote Fro nach eng Kéier frësch erugeen.

Ech hätt eng perséinlech Fro un de Justizminister, wéi hien d'Situatioun gesäit vun der Association de fait, déi jo eigentlech par Gesetz keng Personalitéit morale hunn, mä wou d'Jurisprudenz hinnen eigentlech eng passiv zougesteet, andeem se seet, ma si kënnen als Association de fait ugesicht



ginn, mä u sech hu se keng aktiv Personalité morale, dat heescht, si kënne selwer net viru Geriicht optrieden.

Ech muss éierlech soen, ech hu keng Äntwert gëschter Owend fonnt a mengem Kapp. Ech hoffen, wéi gesot, dass vläicht de Minister eis kann an där doter Fro Kloeerheet verschafen. Et ass mir net kloer, ob d'Associations de fait hei ënnert deen heiten Text falen oder net. Dat géif fir vill Veräiner zoutreffen oder och fir A.s.b.l.en zoutreffen, déi net all Formalitéite respektéiert hunn, déi dann am Fong hir Personalité morale jo verléieren. Et ass d'Fro also, ob déi hei mat eraspillen.

Wat gekläert ass, dat ass am Wirtschaftsberäich d'Situatioun vun den Associations momentanées. Do gëtt kloer gesot, déi falen net drënner, well déi keng eege Personalité juridique kréien. Dat, well dat Gesetz dat esou festgehalten huet. Et ass also eng interessant Fro, dat ze gesinn.

Dann hu mer, wéi gesot, eis d'Fro gestallt: Wéi ass et mam Stat, mat de Gemengen?

Ech mengen, et ass richteg a virsiichteg, fir ze soen, à ce stade hale mer de Stat an d'Gemengen aus dem Champ d'application vun där Responsabilité pénale hei eraus. Aus Iwwerleeungen, déi an den Texter nozeliese sinn, awer och aus enger zousätzlecher Iwwerleeung, déi ech esou net fonnt hu bis elo an der Begrënnung: Dat ass, dass ech muss jo virun Aen halen, dass, wann de Stat oder eng Gemeng géif veruerteelt gi weinst engem Feelverhale vun engem Responsabele vum Stat oder vun der Gemeng, dass déi Suen, déi dann ze bezuele sinn, dat sinn d'Sue vun der Kollektivitéit. Dat sinn also d'Sue vum Steierzueler.

An da stellt sech d'Fro, ob et Sënn mécht, dass d'Kollektivitéit muss bludden, wann een eigentlech e Feeler gemaach huet an der Ausübung vu senger Fonctioun, iwwert natierlech d'Indemnisation eraus, de Schued, dee gemaach ginn ass. Et muss also zousätzlech d'Kollektivitéit nach Suen opbréngen, fir eng Amende ze bezuelen, déi da fälleg wär an deem dote Fall.

Ech mengen, aus där Iwwerleeung och eraus kann een net déi Beräicher gläichzéien, d'Privatgesellschaften an de Stat an d'Gemengen. An et ass an eisen Ae richteg, dass mer also bei där Positioun bleiwen a soen: Komm, mer bleiwen hei fir de Moment bei deem belschen Text, dee jo och awer schon d'Feierprouf bestanen huet vun enger Rei vu Prozesser bei der Cour d'arbitrage, esou dass ech mengen, dass ee ka soen, dass et awer hei eng Rei vun Argumenter gëtt, fir ze soen, dass hei de Gläichheitsprinzip, deen och an eiser Verfassung en héije Rang huet, dass deen net violéiert gëtt an deem heite Fall, well dat sech jo ëmmer nëmmen op déi Situation bezitt, wou ee wirklech am selwechte Fall läit, an net wou eng Differenz vun der Situatioun besteet.

D'Fro, déi opbleift, an aner Riedner hunn dat och scho gesot, ass: Wéi gëtt dat heite Gesetz ëmgësat? Dat muss ee gesinn an deenen nächste Joren, wéi de Parquet, d'Untersuchungsriichter mat deem heiten Text hei ëmginn. Ob se éischer d'Tendenz hunn, fir all Méiglechkeeten auszuschöpfen, dat heescht, also gläichzäiteg am Fong den Dirigeant unzesichen, pénalement, an d'Gesellschaft vun deem Dirigeant, oder ob se do Nuancë maachen an éischer dann net esou séier op den Dirigeant ginn, mä éischer dann a Richtung d'Gesellschaft ukloe géife goen. Dat hânt wahrscheinlech vun eenzelne Fäll of, wéi d'Attitud vum Parquet opgrond vum Prinzip vun der Opportunité des poursuites dann am eenzelne Fall ausgesäit.

Hei ass et also wichteg, dass mer och an deem heite Fall sollten no enger Rei vu Jore probéieren, e kleng Bilan ze zéien, wéi dat hei an der Praxis ëmgësat ginn ass, wat d'Effetë ware vun deem heiten Text, well et effektiv e Broch duerstellt mat der Grondphilosophie, wéi se am Code Napoléon eigentlech bestanen huet, deen dovunner ausgegangen ass haaptsächlech, dass, fir dass een Delinquent ass, ee muss eng eege Conscience hunn. An d'Fro ass: Huet eng Gesellschaft eng eege Conscience? Ass et net am Fong d'Conscience vun hiren Dirigeanten, déi sech substituëiert der Conscience vun der Gesellschaft?

Normalerweis ass jo och en Élément intentionnel derbäi, a fir kënnen eng Intention auszeüben, muss een natierlech och en eegene Wëllen hunn. D'Fro ass: Huet d'Gesellschaft u sech en eegene Wëllen oder sinn et d'Organer vun der Gesellschaft, an déi Leit, déi se zesummesetzen, déi hire Wëllen eigentlech äusseren am Kader vun der Gesellschaft?

Mä wéi gesot, déi doten Diskussiounen sinn e bësse moutarde après dîner. An deene leschte Joren ass international d'Bewegung dohi gaangen, fir de Prinzip ze brieche, wéi mer en hei zu Lëtzebuerg kannt hu während laange Joren, a fir eben och Personnes morales stroferechtlech haftbar ze maachen. An ech mengen, dass dat am Endeffekt och eppes ass, wat kann zu positiven Effeten dobausse féieren. An deem Sënn bréngen ech hei den Accord och vun der LSAP-Fraktioun zu deem heiten Text eran.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Bodry Merci, an als nächste Riedner ass den Här Félix Braz agedroen. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Félix Braz (déi gréng).**- Merci, Här President. Vun de Virriedner ass scho ganz villen gesot ginn, wat mir och deelen. Ech wäert mech och duerfir kënne méi kuerzfaassen, well et gëtt net besser, net méi richteg, wann een alles véiermol seet.

Mir bedauern och als gréng Fraktioun, dass mer esou laang gebraucht hunn, dësen Text ze maachen. Et wier natierlech interessant, wann een et kéint maachen, erauszefannen, wéi eng Affären zu Lëtzebuerg an de leschte Joren anescht hätte kënnen ausgoen, wa mer dës Gesetzgebung éischer gehat hätten, esou wéi en Deel vun eisen Nopeschlänner. Domat hu mer eis an der Kommissioun net befaasst, mä méiglecherweis gëtt et Leit am Land, déi Regreten hunn, wa se eis Debatten de Mëtteg suivéieren, well se sech soen, dass mat dëser Gesetzgebung hir Affär virun engem Geriicht méiglecherweis anescht hätt kënnen ausgoen. Dat bleift dann net gewosst, ob mer där Affären do haten, a wéi vill, an a wéi engem Ausmooss.

Mir halen awer dat Gesetz trotzdeem fir e ganz wichtegt Gesetz, dass mer hei zu Lëtzebuerg elo och d'Responsabilité pénale vun de Personnes morales aféieren. Bedauern di mer natierlech och als gréng Fraktioun, dass mer esou wéineg Zäit haten, eis mat dësem Projet ze beschäftegen. A bedauern d'autant plus, well mer eis jo eens sinn, dass zumindest eng vun den Dispositionen an dësem Text vläicht net ganz wasserdicht ass, well mer wëssen, dass mer iwwert d'Jurisprudence méiglecherweis Interpretatiounen kréien, déi net déi sinn, déi mir eis wënschen.

An hätte mer méi Zäit gehat, fir deen Text hei ze diskutéieren, wier éischer e Projet de loi déposiert ginn - woufir awer elo net de Minister Biltgen kann, dee war déi Zäit nach net den zoustännege Minister -, hätte mer méi Zäit gehat, och well den Avis vum Statsrot vläicht méi séier komm wier, da wier méiglecherweis déi Fro ron derëm d'Gemengen am Besonnesche scho besser tranchiert, wéi dat, wat mer elo gemaach hunn. Da kéint mer en Text verabschieden, deen op all de Punkte wasserdicht wier an dee genau dat och als Resultat do hätt, wat d'Kommissioun sech géif wënschen.

Elo muss mer domadder liewen, dass mer, en attendant, dass déi Diskussioun geféiert gëtt - si ass jo versprach, si ass och gewënscht, mat den zoustännege Ministere, déi Kéier ass et de Minister Biltgen mam Minister Halsdorf, mam Syvicol an aneren nach -, elo muss mer, wéi gesot, déi doten Diskussioun nach féieren, ier mer en Text kréien, deen dann hoffentlech all den Exigence gerecht gëtt, déi mer an dëser Matière stellen. Mä dat ass elo net méi ze änneren.

Wichteg ass, dass mer deen Text haut kréien. Wichteg fir international Optrëtter vu Lëtzebuerg, déi an dësen Deeg solle stattfannen. Wichteg awer virun allem, well Lëtzebuerg och domadder dokumentéiert, dass mer eis deenen internationalen Efforten, och an der Lutte géint d'Kriminalitéit, wëlle ralliéieren an net bande à part wëlle maachen. Mir hu jo scho méi wéi

een Dossier, wou mer dat ëmmer nees - oft vläicht och zu Onrecht, mä trotzdeem - virgeworf kréien, an déi Répétitioun léisst Spueren an hannerléisst och Wierkung. Duerfir ass et net schlecht, wa mer op engem Dossier weider kënne weisen, dass mer eigentlech awer wëllen, no all de rechtsstaatleche Regelen, déi d'Welt sech gëtt, mat derbäi sinn.

Et ass ëmsou méi wichteg, an dat huet ee jo och gesinn, et ass am Rapport och erwähnt ginn, et ass elo nach kee vun de Kollegen dorobber agaangen, dass dat Beispill vun deem Tanker deemools, den Tanker „Erika“ am Dezember '99, wou ee gesinn huet, dass opgrond vun där franséischer Gesetzgebung, déi déi Zäit scho bestan huet, dee Prozess anescht konnt gefouert ginn, wéi wann déi Gesetzgebung nach net bestanen hätt.

Jiddweree versteet, dass, wann een nëmmen d'Personnes physiques kann usichen, déi e Feeler oder eng Strofdot gemaach hunn, als Beispill de Kapitän vun deem Tanker, da kritt ee vläicht Recht viru Geriicht, mä fir d'Affer an de Schued vun den Affer ass dat e schwaachen Trouscht, well jiddweree weess, dass de Kapitän vum Tanker „Erika“ eleng mat senge private Moyenen net ka fir de Schued opkommen, deen en un der Côte op zeg Kilometeren hannerlooss huet.

Anescht ass et, wann ee kann déi Firma usichen, där den Tanker gehéiert. Anescht ass et, wann een déi Firma kann usichen, déi den Tanker mat Pétrol befëllt huet an där et eventuell ënner Emstänn egal war, a wat fir engem techneschen Zoustand deen Tanker war. Do huet een dann och Personnes morales viru Geriicht, déi, le cas échéant, déi néideg Solvabilitéit hunn an och da kënnen déi Strof, déi se kréien, tatsächlech assuméieren am Intérêt vun den Affer, am Intérêt vun der Entscheedung vun den Affer. An duerfir ass déi Notioun vun der Responsabilité pénale vun de Personnes morales alles anescht wéi nëmme Literatur oder en hehre Prinzip. Dat kann a ganz ville Fäll vun essenzieller Bedeitung sinn, wann et ëm d'Entscheidung vun den Affer geet.

D'Gesetz léisst d'Méiglechkeet op, unzesichen, nëmmen d'Personnes morales oder d'Personnes physiques oder béid, a mir halen dat och fir richteg a mir hunn och do d'Meenung vertrauden, dass et tatsächlech dann un den Autorités judiciaires ass, fir nom Prinzip vun der Opportunité des poursuites hir Aarbecht ze maachen. A mir mengen, dass se mat dësem Gesetz een Outil kréien, deen hinnen et erlaabt, hir Aarbecht do richteg ze maachen.

Och mir sinn net d'accord mat deem, wat verschidde Beruffskummere schreiwen. Wann hei gesot gëtt, dat wier eng Applikatioun vum Prinzip oder e Verstouss géint de Prinzip vum non bis in idem, do hunn ech och Schwierigkeeten, fir dat nozevollzéien. Well dat géif, wann dat esou wier, heeschen, beispillsweis an engem Prozess géint dräi Verbrieche, den Auteur, de Co-auteur an och nach e Kompliz, dass dann, wann een ee vun deenen dräi géif condamnieren, déi aner net méi bräichte condamnieren ze ginn. Well dat wier jo dann déiselwecht Logik applizéiert, wann een dräi Leit fir datselwecht Vergehe condamnieren, da wier dat an der Liesaart vu verschidde Chamberen jo och eng Applikatioun oder eng Violatioun vum Prinzip vum non bis in idem. Also do hu mir och Schwierigkeeten, déi Argumentatioun nozevollzéien, a mir menge schon, dass dat, wat hei gemaach gëtt, an der Rei ass.

E wichteg Punkt fir eis - ech sinn uganks schon drop agaangen -, dat ass de Fait, dass de Stat an d'Gemengen ausgeklamert ginn, am Artikel 34-3 vum Gesetz, vun där dote Responsabilitéit. Mir sinn eis allegeruete bewosst, dass et en Text ass, dee méiglecherweis net ganz wasserdicht ass, mir also all Intérêt hunn, net nëmmen déi Diskussioun ze féieren, déi an der Kommissioun ugefaange ginn ass, mä dass mer och all Intérêt hunn, déi Diskussioun do séier ze féieren; net précipitéiert, wéi mer dat elo mam Gesetz gemaach hunn, awer trotzdeem zügeg ze maachen a wirklech keng Zäit ze verléieren, fir déi doten Aarbecht unzehuelen.

Mir sinn als gréng Fraktioun wirklech décidéiert der Meenung, dass et net gutt ass, wann de Stat an d'Gemenge sech géifen

an Zukunft ëmmer méi oft viru Geriicht erëmfannen opgrond vun enger pénaler Responsabilitéit. Mir si wirklech och der Meenung, dass d'politesch Décisiounen, d'politescht Handele soll an den duerfir gewieltene Gremie stattfannen - an der Chamber, an de Gemengeréit - an dass et net ka sinn, dass iwwert den Émwee vun de Gerichter politesch Décisiounen kënne contestéiert ginn.

Dat ass a Matière wéi dem Bauterecht, ob dat bei de PAGen ass oder bei de PAPen, d'Dier opgemaach fir all Zorte Recoursen, och wahrscheinlech da mat Effets dilatoires, einfach fir nëmmen engem Konkurrent um Marché esou vill Zäit ze huelen, iwwert d'Prozedur, dass e vläicht mat sengem Produit zwee Joer ze spéit op de Marché da kënn, wann en dëst oder dat Gebai enzwousch wollt bauen. Dat wier eng Entwécklung, eng Amerikanisierung, praktesch. Mir wëssen, dass an Amerika alles permanent a ganz vill kann ugesicht ginn, wou een da praktesch bei all politescher Décisioun misst an engems eng Assurance mat ofschléisse fir de Fall, dass déi Décisioun géif contestéiert gi viru Geriicht, an dass een och nach domadder géif bälafen.

Da mécht een net onbedéngt d'politescht Liewe méi rapid. Et mécht een d'Décisionsweeër net méi kuerz, et mécht ee se just méi deier. An ob dat wirklech am Intérêt ass vun de Biergerinnen an de Bierger, do woe mir awer ganz staark drun ze zweifelen. Duerfir si mir wirklech der Meenung, dass een dat soll verhënnern, doduerch dass een eng seriö Diskussioun ganz séier féiert iwwert d'Responsabilitéit vum Stat a vun de Gemengen, fir dass mer en Text kréien, deen op all deenen dote Punkte wasserdicht ass.

Dat gesot bréngt déi gréng Fraktioun hir Zoustëmmung zu dësem Text. Mir wëllen och dem Rapporteur, dem Här Schiltz, Merci soen, deen, mengen ech, hei och perséinlech duerfir gesuergt huet, dass mer an den Délaië konnte mat dësem Text fäerdeg ginn. An ech mengen, dass den Här Minister Biltgen dem Här Schiltz elo eng schëlleg ass.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Merci, Här Braz. Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Braz Merci, an als leschte Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt schon e laténgescht Spréchwuert, dat seet: „Societas delinquere non potest“, datt Gesellschaften also net kënnen Delikter maachen. Dat beweist, wéi laang mer e Prinzip haten, wou d'Gesellschaften net konnte belangt ginn. Mä haut ass also e wichtegen an importenten Dag, an ech wëll och duerfir dem Rapporteur Merci soen, datt en an där ganz kuerzer Zäit konnt säi Rapport virbréngen an och verschidden Amendementen duerchdiskutéieren. Mä bedauerlech ass et natierlech, wann esou pénal Froen en urgence musen diskutéiert ginn, well verschidde Problemer, déi sech bei dësem Gesetz stellen, wäerte sech och nach an Zukunft stellen, an ech wëllt der herno, am Laf vun der Diskussioun, nach e puer opwerfen.

Wat déi bestehend Jurisprudenzen ugeet, do verweisen ech op e ganz interessanten doktrinären Artikel vum Magistrat, dem Här Jeannot Nies, iwwert d'Responsabilité du chef d'entreprise a vun dem „compliance officer“ dans le cadre de la lutte contre le blanchiment, wou e feststellt, datt bis elo all Administrateuren an all Géranté och vun S.àr.l.en am Prinzip solidaresch responsabel sinn, an datt de Chef d'entreprise perséinlech a jiddwerzäit responsabel ass. E kann net soen, et wier Laxismus oder en hätt keng Zäit gehat, en ass perséinlech responsabel, an dat gëllt natierlech och fir d'Gemengen oder soss Établissements publics.

Déi Gesetzgebung, déi mer haut diskutéieren, déi läit an engem ganzen internationale Kader, souwuel vun der OECD wéi och vun den etlechen Directives cadres



vun 2005 iwwert d'Korruptioun am öffentlechen an am private Secteur, Traite des êtres humains an esou weider an esou virun. Bref, an all deenen Décisions cadres, an all deene Gesetzgebunge gëtt vun der Responsabilité pénale vun de Personnes morales geschwat, an duerfir gouf et héich Zäit, datt mer och hei zu Lëtzebuerg esou e Gesetz géife maachen.

Wou ech awer e Problem hunn, dat ass mat dem Champ d'application vun der Gesetzgebung, dat heescht, doduerjer datt mer d'Gemegen integral eraushuelen. Wou läit nämlech den Ennerscheid, wa mer esou eng Décisioun huelen? Dat heescht, datt zum Beispill e Bustransport, dee gemaach gëtt vun der Stad Lëtzebuerg, do kann d'Stad Lëtzebuerg net pénalement responsabel gemaach ginn, mä de Bustransport, dee vun der privater Firma fir d'Stad Lëtzebuerg gemaach gëtt, do kann d'Firma responsabel erkläert ginn. Den TICE, den interkommunale Syndikat, do kann och d'Responsabilité pénale spillen, an ech gesinn net an, firwat een deen ee ka viru Geriicht huelen an net deen aneren. Dat ass net am Intérêt vun de Victimen. Datselwecht gëllt och fir eng Crèche oder eng Maison relais, déi vun enger Gemeng bedriwwen gëtt, och déi ass net, esou wéi d'Gesetz et elo virgesäit, am Champ d'application vun der Gesetzgebung, mä wann et eng privat ass, dann ass et de Fall.

Duerfir versteet een och, datt d'Handwierkerkummer déi Gesetzgebung hei ganz schärf kritiséiert huet, an d'Chambre de Commerce de même. Si hu gesot, datt dat heiten en inégalitaires Traitement wier. De Statsrot wëll ech zitieren an deem Kontext: «...l'exclusion générale des communes pose problème au regard du principe d'égalité de traitement tant en relation avec d'autres personnes morales de droit public qu'en relation avec des personnes morales de droit privé exerçant des activités similaires à celles des communes.» An ech sinn zimlech sécher, datt deen éischte Recours, deen an deem Kontext wäert kommen, dee wäert beim Verfassungsgericht landen, an da wäert do héchstwahrscheinlech gesot ginn, datt d'Artikele vun der Verfassung, wou all Bierger an och all Entreprise muss gläichbehandelt ginn, datt dat hei an deem Fall net gewährleistet ass.

An och vun all den anere Parteien, vun all den anere Riedner, déi virdu geschwat hunn, ass geschwat gi vun engem Diskussionsbedarf, deen op deem Punkt nach misst geschéien. Ech wëll och drun erënnern, datt de Syvicol der neier Regierung, déi amgaange war, sech ze forméieren, e Bréif geschriwwen hat, an deem e gefrot huet: «...d'aboutir à une modification adéquate de la législation qui doit limiter les cas engageant la responsabilité pénale personnelle de l' élu.» Hei hätte mer eng Geleeënheet gehat, fir dat ze maachen. Mir hunn déi verpasst. Hei gëtt just de Contraire gemaach.

Duerfir wollt ech en Amendement déposéieren an deem Kontext, wou ech den Text vum Conseil d'État, deen e virgeschloen hat, iwwerhuelen, a wou gesot gëtt, datt alleguerten déi Aktivitéiten, déi vun enger Gemeng oder vum Stat gemaach ginn, an déi och am Konkurrenzziel, an zivile Kader kënnen gemaach ginn, datt do d'Responsabilitéit vun de Gemengen spillt. Dat schéngt mer dee richteg Wee ze sinn an deem Kontext, well oder fréier oder spéit awer müssen op dee Wee do kommen.

Amendement

Projet de loi N°5718

1. introduisant la responsabilité pénale des personnes morales dans le Code pénal et dans le Code d'instruction criminelle

2. modifiant le Code pénal, le Code d'instruction criminelle et certaines autres dispositions législatives

L'article 34 est modifié comme suit:

«Art. 34. Lorsqu'un crime ou un délit est commis au nom et dans l'intérêt d'une per-

sonne morale par un de ses organes légaux ou par un ou plusieurs membres de ses organes légaux de ses dirigeants de droit ou de fait, la personne morale peut être déclarée pénalement responsable et encourir les peines prévues par les articles 35 à 37.

La responsabilité pénale des personnes morales n'exclut pas celle des personnes physiques auteurs ou complices des mêmes infractions.

Les alinéas précédents ne sont pas applicables à l'État. Ils ne sont applicables aux autres personnes morales de droit public que pour les activités qui ne relèvent pas de l'exercice de prérogatives de puissance publique.»

(s.) Jacques-Yves Henckes, Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser, André Hoffmann.

An deene puer Minutten, déi mer zur Verfügung stinn, wëll ech dann nach e puer Problemer opwerfen. Dat eent ass, datt an onser Gesetzgebung am Artikel 34 zwou Konditiounen stinn, fir kënnen d'Responsabilitéit vun enger Gesellschaft unzeféieren. Dovunner ass eng, datt se „dans l'intérêt“, am Interessi vun der Gesellschaft gemaach ginn ass. An deenen anere Législatiounen steet „pour le compte“, dat heescht fir de Konto vun der Gesellschaft gemaach gëtt. Dat heescht am Kloertext, esou liessen ech weinstens den Text, dat ass, datt an deem Fall, wou eng Plainte gemaach gëtt, muss et nuren eng Plaz sinn am Kader vun engem intentionellen, vun engem gewollten Delikt oder Crime. Alleguerten déi non intentionnel, déi net gewollten Infraktiounen, wéi den Homicide involontaire, wéi d'Pollutioun, „Erika“, wéi deen Accident bei där Course de côte, alleguerten déi Saachen do schéngen mir, au vu vun dem Text hei, net kënnen applizéiert ginn. Do spillt nach wie vor déi bestehend Gesetzgebung.

Dat schéngt mer net am Intérêt ze si vun de Parties civiles, vun deene Leit, déi wëllen eng Entscheedung hunn, déi wëllen de Responsabele sichen, an duerfir wäert et héchstwahrscheinlech esou sinn, datt nach wie vor deen Ablack, wou esou Fäll virkommen, wäert eng Plainte gemaach ginn an eng Instruktioun gemaach gi géint d'Gérenten, géint d'Dirigeanten, géint d'Schäffen, géint d'Buergermeeschteren, a géint déi Gesellschaft en tant que telle. D'Richter wäerten also konfrontéiert gi mat deem Problem, ob se musse géint déi eng oder déi zwou, oder am beschte géint déi zwou virgoen. Ech fannen et net gutt, datt mer de Richter heien dës Décisioun iwwerloossen.

Deen anere Punkt, deen ee muss an deem Kontext virhalen, dat sinn natierlech och e puer praktesch Schwierigkeeten, déi sech doraus wäerten erginn, datt elo déi Gesetzgebungen, wou dës Gesetz wäert spillen, natierlech zu engem Deel am Code pénal sinn, mä datt mer awer och eng etlech Infraktiounen hunn, déi an de Lois spéciales sinn. Ech wier frou, wann d'Regierung kéint den Engagement huelen, fir am Kader vum Code pénal alleguerten déi Infraktiounen, wou si mengt, datt se ënnert dës Gesetzgebung falen, an déi an de Lois spéciales sinn, fir déi am Code pénal ze integréieren. Well där gëtt et der bei der Sécurité sociale, där gëtt et der bei aneren Infraktiounen, déi si queesch duerch all méiglech Gesetzgebungen dran, datt ech do Schwierigkeeten hunn, wann ech Chef d'entreprise wier, wou ech dann alles muss siche goen, well dat hott an har dohierter gestoppt ass.

Déi aner Saach, déi een hei muss diskutéieren, dat ass och de Casier judiciaire. De Casier judiciaire, dee wäert natierlech och elo gëlle fir eng A.s.b.l., fir en Établissement public, fir e Syndicat intercommunal, fir alleguerten déi Gesellschaften; do sinn der eng etlech. Déi Konditiounen, déi ginn och gefrot: zum Beispill beim Marchés-publics-Gesetz gesäit de Règlement grand-ducal d'exécution vir, datt ee muss e Casier judiciaire virleeën, mä deen ass nure fir d'Persoun gemengt. Sou datt ech och frou wier, Här Minister, wann Dir kënnt derfir suergen, datt och de Marchés-publics-Reglement geännert gëtt, datt een och de Casier judiciaire vun den Entreprises misst bäileëën, wann ee wëllt bei engem Marché public matmaachen.

Da muss ech soen, datt ech e besse bedauern - et ass mer zu Ouere komm, datt d'Magistrature en Avis zu deem Gesetzesprojekt gemaach huet, dee vu ganz ville praktesche Schwierigkeete geschwat huet an der Mise en œuvre vun där Gesetzgebung - an ech wier frou gewiescht, Här Minister, wann Dir ons kéint soen, ob et esou en Avis gëtt, firwat mer deen net kritt hunn. Dat war vläicht am Kader vun dem Avant-projet de loi, mais quand même wier et awer interessant gewiescht fir d'Duerchzéie vun dëser Gesetzgebung, datt mer déi Informatiounen gehat hätten.

Da wëll ech och drop hiweisen, datt de Procureur général an e puer Rapporten - déi en ons all Joer zur Verfügung stellt, deen Ablack wou mer hei iwwert den État de la nation diskutéieren - ons seet, datt et am Ablack fir d'Police judiciaire eng Onméiglechkeet wier, fir an all deenen Infraktiounen iwwerhaupt der Aarbecht kënnen Meeschter ze ginn. Elo kréie se hei nach zousätzlech Aarbecht. Duerfir wier ech och frou - ech weess, de Justizminister ass net méi Polizeiminister -, mä ech wier awer frou, wann der Ärem Kolleg, dee sech dorëmmer këmmer, och géift e puer Instruktiounen ginn, datt dat Ganz kéint...

► **M. le Président.** - Här Henckes, Dir musst esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Voilà, ech weess dat. Ech hat genau zwielef Minutten an eng hallef zegutt mat dem Amendement, an ech sinn elo op eelef Minutten dréseg, Här President.

Duerfir wëll ech folgend Ausso maachen am Numm vun der ADR: Wann den Amendement ugehall gëtt, stëmme mer d'Gesetz, wann den Amendement net ugehall gëtt, wäerte mer ons beim Gesetz enthalten.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Henckes Merci, an elo kritt d'Wuert den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Här President, Dir Dammen, Dir Hären, ech wëll mech emol fir d'éischt entschëllege par rapport zur Chamber, dass ech se e bëssen ënner Drock gesat hunn. Ech soe souguer e bësse vill. Well eigentlech bei esou schwierigen - och de Jean-Louis Schiltz sot et - revolutionärsaarten Ännerungen an eiem Stroferecht hätt een dat e bësse méi missen ausdiskutéieren.

Ech war awer gradesou onverschimmt par rapport zum Statsrot, well ee vun den éischten Akten, déi ech gemaach hunn als Justizminister, war dem Statsrot ze schreiwen, mir bräichten onbedéngt elo den Avis, well mer soss riskéieren awer international an eng Partie Schwulitéiten ze geroen, op déi ech nach eng Keier zrëckkommen. An ech sinn och duerfir frou, dass de Statsrot du säin Avis ofginn huet an och ganz séier op d'Amendement vun der Chamberskommission geäntwert huet. A mäi Merci geet selbstverständlech hei un d'Chamberskommission, besonnesch un de Rapporteur, mä och un all d'Memberen, déi hei ganz konstruktiv matgeschafft hunn a gekuckt hunn, dass mer dat séier konnte maachen.

De Projet selwer ass wuel 2007 déposéiert gi vu mengem Virgänger, dem Luc Frieden. Allerdéngs gouf et scho virduen en Avant-projet de loi, dee mäi Virgänger zum Beispill un d'Chambres professionnelles geschéckt huet, och schonn déi Zäit, déi natierlech, an dat hutt Dir och elo erëm kënnen liesen, eng Partie Retizenzen haben. Dat erkläert och, dass et hei laang gedauert huet, bis dass mer e Projet gemaach hunn, nom Projet awer och elo erëm laang gedauert huet, well de Projet ass awer elo scho bal dräi Joer déposéiert. Mir hu virun allem op den Avis vum Statsrot misse waarden.

Woufir ass et wichteg, dass mer de Projet elo nach stëmme? Dat huet eppes domat ze dinn, mat der Position vu Lëtzebuerg am internationalen Ëmfeld, esou wéi Lëtzebuerg gekuckt gëtt als soi-disant Steier-oas, Steierparadies, als e Land, wat net sengen Obligatiounen nokënnt, wou mer am Kräizfeier stinn a stoune vun der OCDE, an deem Fall besonnesch vun enger Ënnerorganisatioun vun der OCDE, dem sougenannte GAFI, dee kuckt, ob e Land alles mécht, fir d'Wäisswäsche vun

de Suen ze verhënneren. A mir stinn do am Collimateur vum GAFI, well se soen: „Majo bei lech gëtt eigentlech ni ee wéinst Korruptioun a wéinst Wäisswäsche condemnéiert - elo hate mer awer eng Condamnatioun a Saache Korruptioun - an Dir hutt awer eng grouss Finanzplaz, dat kënnen mir eis net virstellen, also sidd Dir net ganz kooperativ.“

Dat ass den Haaptreproche. An da kënnt en zweete Reproche, dee seet: „Majo souwisou, Dir ziert lech ëmmer iergendepes ëmzesetzen, well Dir ëmmer mengt, et géif eppes do un d'Bank- a Finanzplaz kommen.“ An ech mengen, dass et duerfir wichteg ass, dass mer engersäits soen, dass d'Bankplaz propper ass, an dass mer awer och net dauernd den Uschäin ginn, wéi wa mer alles wëllt maachen, dass wierklech näischt géif un d'Bankplaz kommen, a wéi wa mer da géife souguer a Kaf huelen, fir weder géint d'Korruptioun nach géint d'Wäisswäschen nach géint den Terrorismus virzegoen.

An ee vun den Haaptreprochen, déi eis ëmmer gemaach goufen, ass just deen, dass mer zu Lëtzebuerg nach net all déi Recommandatiounen ëmgesat hunn, fir dass zu Lëtzebuerg och kann eng Gesellschaft condemnéiert ginn, an net nëmmen hir Dirigeanten. An dat ass eis ëmmer erëm virgeworf ginn. Dann hu mir gesot, de Statsrot huet keen Avis ofginn. Mä dat huet eis awer näischt genotzt, an duerfir sinn ech frou, dass mer elo do den Duerchbroch hunn. Well et ass während der Fuesvakanz, wou esou muncher vun lech am Schnéi sëtzen, esou munchen vun eise Mat-aarbechter am Sand, nämlech zu Abu Dhabi, wou de GAFI zesummekënnt, fir dann e Rapport ze diskutéieren, deen da soll an den nächste Wochen iwwer d'Situatioun vu Lëtzebuerg erauskommen. An deemno wéi dee Rapport ausfällt, si mer dann natierlech och ënner internationalem Drock.

Et ass also wichteg, dass mer weisen, dass mer absolut bereet sinn, eis Hausaufgaben ze maachen, an dass mir all Intérêt hunn eng propper Banken- a Finanzplaz ze sinn an och e propper wirtschaftlecht Ëmfeld ze hunn. Dat ass also de Kontext, woufir et wichteg ass, dass mer elo nach haut dat stëmme, fir dass mer hei weisen, dass mer ganz seriö heiheim eis Hausaufgabe maachen.

Wann ech dann op de Projet selwer zrëckkommen: Wat sinn d'Intérèten? Ech mengen, de Rapporteur, de Jean-Louis Schiltz, huet dat kloer gesot: Et ass en Intérêt do fir d'Victimen. Et ass awer och en Intérêt do fir d'Dirigeanten. Ech denken zum Beispill un d'A.s.b.l.en, well mer och d'Diskusioun hate vun der Exklusivatioun an net vun den A.s.b.l.en, wann an Zukunft do, wou et net sécher ass, ob ee wierklech stroferechtlech eppes sech zuschode komme geloos huet. Wann awer zum Beispill ee gestuerwen ass an enger Aktivitéit, ass et vläicht dann och méi einfach, dass dann d'Associatioun en tant que telle ugesicht gëtt, amplaz iergendeen, deen effektiv President oder Sekretär oder wat och ëmmer vun där A.s.b.l. wier.

Et ass also och am Interessi vun den Dirigeanten, fir net selwer do müssen de Kapp duerzehale fir e ganze System, dee net funktionéiert huet. A ganz Systemer, déi net funktionéieren, dat gëtt et. Dat gëtt et notamment a Gesellschaften. Och wann een en Dirigeant ass, huet ee vläicht och net ëmmer alles ze soen. Do kënnt d'Influenz vun Kapital, do kënnt d'Influenz vu villem derbäi, an da geet eppes schief.

A virun allem ass et wichteg, dass mer och d'Gesellschaft selwer moraliséieren. Wann et Gesellschaften gëtt, déi dauernd versichen, géint d'Gesetzter ze verstoussen, an da gëtt eben e Bauernopfer gemaach - dee vläicht nach eng Entscheedung kritt - an der Persoun vun engem Dirigeant, an dee gëtt da condemnéiert an d'Gesellschaft fiert weider mat den illegale Praktiken, dann hu mer och keng Moraliséierung vun eiem Wirtschaftseinfeld. Ech mengen, dass notamment an deenen Diskussiounen, déi mer elo hunn no der Kris, et och wichteg ass, dat heite Gesetz ze stëmme, fir och d'Wirtschaftswelt selwer méi ze moraliséieren.

Et ass och ee wichteg Punkt an deem Gesetz, wou et seet, dass eng Gesellschaft kann opgeléist ginn. Dat ass jo déi gréisste



Strof géint eng Gesellschaft. Et ass souguer an eiem Text virgesinn, dass, wann d’Gesellschaft sech wëllt opléisen, fir laanscht d’Strof ze kommen, dass se dann awer nach ka weider poursuiviéiert ginn.

Dat sinn also déi dräi grouss Intérêten.

Dann, Här President, Dir Dammen, Dir Hären, sinn eng Partie Froen hei gestallt ginn, op déi ech wëll agoen.

Déi éischt ass déi vum Här Bodry iwwert d’Associations de fait. Et ass ganz däitlech, Här Bodry, dass déi net mat ageschloss sinn. An dat fannt Der no am Projet de loi, deem ursprüngeleche Projet de loi, Säit 11, wou dat kloer gesot ginn ass. Do gëtt et nämlech en Ënnerscheed: Frankräich an d’Belsch.

Frankräich hu se, grad wéi mir, net ageschloss, a mir hunn eis der franséischer Gesetzgebung hei ugeschloss. D’Belsch hu se virgesinn, awer dann nach nëmmen do, wou et sech ëm Entités ayant des activités essentiellement économiques handelt. Wat dann och erëm eng kéier esou en Ausschloss an Ausschluss ass, deem net gutt ass.

Et ass ganz kloer hei, dass d’Associations de fait net ageschloss sinn. Da soen ech awer och, dass oft an Zukunft wéinst der Protektioun vun den Dirigeantë verschidde Associations de fait vläicht Intérêt hätten, d’Personalité morale sichen ze goen. D’Fro kann ech zum Beispill fir Parteie stellen. Déi kann ech och fir Gewerkschafte stellen, well d’Gewerkschaften, déi hunn elo schonn e Problem mat der Jurisprudenz. Dir hat d’Jurisprudenz virdrun zitéiert.

Et ass effektiv esou, datt d’Gewerkschafte scho Jurisprudenze géint sech kruten, wou gesot ginn ass: „Dir musst elo esou vill Sue bezuelen...” - well, do ass et ëm Entschiedung gaangen - „...als Associations de fait.” Mä d’Gewerkschaft konnt net selwer viru Geriicht agéieren. Dat ass eng Jurisprudenz, déi mer hunn, déi iwwregens och contestéiert ass. Do muss een och froen, awéiwäit déi zum Beispill der Gewerkschaftsfräiheet entsprécht, wéi mer se an de BIT-Konventionen festgeluecht hunn.

Also ass dat mat den Associations de fait schonn eppes ganz Schwieriges. An duerfir hu mir eis scho vum ursprüngeleche Projet un - ech an de Luc Frieden - derfir décidéiert, d’Associations de fait kloer an däitlech net hei mat virzugesinn.

Déi Fro - dat ass déi zweet Fro -, déi am meeschten hei diskutéiert gouf, dat ass déi vun de Gemengen. Dozou Folgendes: Éischtens, entgéint deem, wat den Här Henckes fäert, hu mer hei net onbedéngt eng Inégalité. Et ass eng Inégalité relative, awer keng absolut, well keng Impunitéit do besteet. Dat heescht, wann an enger Gemeng e stroferechtlecht Vergehe geschitt, gëtt nach ëmmer een ugesicht, nämlech dann de Verrieder vun der Gemeng. Et ass also net, dass d’Gemengen hei aus hirer stroferechtlicher Verantwortung erausgeschloss wäeren. Dat ass emol dat Éischt.

Dat Zweet ass, dass den Här Braz sot, mir brauchen e waasserdichten Text: Dee gëtt et och a kengem anere Land. Déi meescht Länner vun Europa... Wann ech d’EU-Länner huelen, do sinn der ganz vill, déi hunn d’Responsabilitéit vun de Gemengen ageschloss. A wa mer kucken, wéi et a Frankräich, notament an der Belsch gaangen ass, ass lues a lues eng Distinction jurisprudentielle komm.

An ech mengen, och hei soll een net virpreschen, mä et soll een dat kucken. Well bei de Gemenge kënnst e weidere Problem derbäi. Ech hu bei den A.s.b.l.e gesot, do sinn d’Dirigeanten eigentlech elo méi geschützt, well et kann hire Veräin condemnéiert ginn an net si eleng un de Pranger gestallt ginn. Bei de Gemengen ass dat en doppelschneidegt Schwert, well da gëtt lichterfankeng vläicht d’Gemeng en responsabilité pénale ugesicht, fir dann herno erëm eng kéier d’Responsabilité politique vun dem Schafferot unzesichen.

Ech mengen, mir sollen dat maachen. Ech hunn dat an der Chamberskommission gesot, dass ech géif mam Innenminister driwwer schwätzen. Esou wéi ech dee kennen, ass deem absolut bereet, dat ze maachen, dass mer solle mat de Gemengen

eng gréisser Diskussioun iwwert déi ganz, ganz Problematik. Do kënnst nach viles derbäi. Dat heiten ass een Element.

Mä déi ganz Responsabilité pénale a civile, déi d’Gemengen engagéieren, dat ass e ganz komplexe Sujet. Et ass een, deem net nëmme juristesche Komponenten huet, en huet och ganz vill politesch Komponenten. An ech mengen, dofir solle mer haut bei deem bleiwen, wat am Text ass, Här Henckes, a weider doriwwer diskutéieren, wéi et weidergeet.

Déi Diskussioun ass sécher net eriwuer. Dat ass ganz kloer. Ech mengen, mir solle se och proaktiv ugoen an net waarden, dass d’Jurisprudenzen eis géifen dreiwien. Mä ech mengen, et ass esou sensibel och fir déi Leit, déi sech an de Gemenge sollen a wëllen engagéieren, dass mer hei emol sollen dat a Rou ugoen.

Dann en drëtten Punkt, deem e puermol hei gesot ginn ass, dat ass dee vun der Pénalisation vun eiser Gesellschaft. Ech hunn et schonn e puermol op dëser Tribün gesot, ech hunn et schonn oft a Pressekonferenz gesot, an ech bleiwen derbäi. Ech mengen, et si jo och e puer Leit, déi drop agaange sinn.

Mir musse wierklech kucken, ob mer net ze vill Droit pénal hei zu Lëtzebuerg hunn, an ob deem Droit pénal wierklech ëmmer esou organiséiert ass, dass e richtig ass, ob mer net verschidde schlëmm Vergehen iwwerhaapt net strofen oder wéineg strofen, a verschidde Bagatellé ganz vill strofen. Dat ass ee Punkt.

An deem zweeten Punkt ass: Musse mer alles, wat eng Norm ass, duerch d’Strofrecht ofsécheren? D’Strofrecht ass eigentlech do, fir den Ordre public ze garantéieren. Net all Norm ass am Interessi vum absoluten Ordre public, mä ass am Interessi vun engem gudden Zesummeliewen. Dat ass awer net nëmmen alles Ordre public.

Et kann een dofir och Normen ofsécheren, engersäits duerch Amendes d’ordre zum Beispill, engem System, dee mer lues a lues amgaange sinn anzeféieren, dass ee seet: „Du hues hei eppes falsch gemaach, an amplaz dass eng laangwiereg Prozedur virun e Strofgeriicht da kënnst, gëss de elo hei zu enger Geldstrof verdonnert, awer enger administrativer Geldstrof verdonnert, fir dass de esou séier wéi méiglech hei reagéiers an dat erëm richtig méchs.” Dat ass een Element.

Villes kann een och zivilrechtlech ahnden, amplaz stroferechtlech ze ahnden. Well, wann eppes stroferechtlech geahnt gëtt, da kann een, deem zivilrechtlech wëllt Schuedenersatz hunn, muss de jo fir d’Éischt och kucken, deemno wéi et ass, dass dat Stroferechtlech érischt ofgeschloss ass.

Also, mir hunn eng ganz Partie Iwwerleeungen, wéi mer wëllen den Droit pénal méi harmoniséieren a méi élaguéieren, fir dass e fir dat Wesentlecht do ass. Et kann net sinn, dass eis Parqueten iwwerlaascht si mat de Poursuites vu klengen Affären, viles herno klasséiert gëtt, a grouss Affären net weiderginn.

Et ass also an eiem Haus de Wonsch do, fir do an zwou Direktiounen virzegoen. Déi éischt ass déi kuerzfristeg. Mir kucken all Projet no, dee virun allem vun eise Kollege kënnst - eis kucke mer jo souwisou no, mä och déi, déi vun eise Kollege kommen -, ob Droit pénal spécial dra virgesinn ass. An da kucke mer, ob dee justifiéiert ass oder net.

Ech maachen allerdéngs och en Appel hei un Är Chamber. De Rapporteur sot, an der Commission juridique géife se dat ganz esou gesinn a mech souguer encouragéieren, nach méi wäit ze goen. Et wär gutt, wann een deeselwechten Effort och géif an deenen anere Chamberskommissionen gesinn. Ech stellen nämlech fest, dass ganz oft ëmmer erëm de Wonsch ass, Droit pénal spécial bei eng Norm bäizepraffen. Dat heescht, och wann de Projet fortgeet ouni ze vill Droit pénal spécial, kann deem awer herno ëmmer erëm an den zoustännegen Kommissionen bäikommen.

Et wär also gutt, wann och d’Chamber insgesamt géif sech där doter Approche, déi d’Commission juridique wierklech, mengen ech, eenhelleg gedeelt huet, uschléisen. Dat ass also een éischten Effort.

Deen zweeten ass deem, dass, wa mer elo emol e bësse Rou hu mat der legislativer

Aarbecht, déi mer amgaange si virzebereeden, dass mer selwer wëllen eng gréisser Etüd maachen iwwert de Code pénal an notament iwwert den Droit pénal spécial, deem net am Code pénal steet, an do emol Virschléi maachen, fir manner Droit pénal spécial ze kréien, do wou mer en net brauchen.

Dann huet den Här Henckes och gesot, mir sollen am Code pénal all Strofe fir d’Gesellschaft virgesinn. Ech verstinn de Souci, ech mengen allerdéngs net, dass de Code pénal de richtigen Ophänker dovunner ass. Mir wëllen op där anerer Säit, wa mer d’Handelsrecht reforméiert hunn, e regelrechte Code des sociétés maachen. Do hu mer eis eng Base habilitante ginn, wann dat bis hei gestëmmt ass. An ech mengen, dass et éischer an de Code des sociétés gehéiert.

Datselwecht hu mer eng kéier mam Droit du travail gemaach am Code du travail. An dat war ganz, ganz instruktiv, wéi mer och do gesinn hunn, wéi am Droit du travail ze vill Droit pénal spécial dra war.

Dann hat den Här Henckes - an ech mengen, dat war déi lescht Fro, op déi ech wëllt äntwerten - gefrot, wéi et ass mam Casier fir d’Personnes morales. Et ass evident, dass mer dee mussen aféieren. Mir wëllen deem och aféieren. Do brauche mer keen neit Gesetz ze maachen. Do ass e Règlement, wat mer amgaang sinn, ze iwwerschaffen. An ech wäert dann nach am Mount Februar de Regierungsrot mat engem Projet vun engem Règlement grand-ducal saiséieren, fir dass mer och de Casier aféiere fir d’Personnes morales. Dat gehéiert effektiv hei zur Exekutioun vun deem heite Gesetz.

Voilà! Dir Dammen, Dir Hären, ech hoffen, dass ech op all Froe geäntwert hunn, déi hei gestallt goufen. Ech soen lech nach eng kéier Merci...

(Interruption)

...fir déi séier an trotzdeem, mengen ech, gutt Aarbecht, déi mer hei gemaach hunn. An ech hoffen dann, dass dëse Projet mat wa méiglech der Unanimitéit kann hei gestëmmt ginn.

Ech soen lech Merci.

► Une voix.- Très bien!

(Interruptions)

► **M. le Président.** - A mir soen dem Här Justizminister Merci. Elo komme mer zum Vote iwwert de Projet de loi.

Amendement 1

Mir stëmme fir d’Éischt of iwwer en Amendement vum Här Jacques-Yves Henckes iwwert den Artikel 34.

Vote

De Vote fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. Den Amendement ass verworfen mat 55 Nee-Stëmmen, géint 4 Jo-Stëmmen an eng Abstentioun.

Ont voté oui: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Marc Spautz), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall’Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

S’est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Vote fänkt un. Fir d’Éischt déi perséinlech Stëmmen. Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss. De Projet de loi ass ugehall mat 56 Jo-Stëmmen, géint 4 Ent-halungen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Raymond Weydert), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweeten Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6076, d’Unerkennung vun engem Protokoll vun der Mënscherechtskonvention. D’Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: d’Madame Brasseur, d’Madame Err an den Här Henckes. D’Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d’Wuert.

4. 6076 - Projet de loi portant approbation du Protocole N°14bis à la Convention de sauvegarde des Droits de l’Homme et des Libertés fondamentales, ouvert à la signature, à Strasbourg, le 27 mai 2009

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth** (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mat dem Gesetzesprojet 6076 hält eist Land de Protokoll Numero 14bis vun der Europäescher Mënscherechtskonvention un. D’Aarbechtsweis vun dem Europäesche Geriichtshaff zu Lëtzebuerg soll vereinfacht ginn. D’Affären, déi do ustinn, mussen méi séier kënnen evakuéiert ginn. D’Leit sollen net op Stroossbuerg mussen kloer goen, well an hirem Land de Prozess net an engem rasonnablen Délai iwwert d’Bühn geet, an et dobäi zu Stroossbuerg gradesou laang oder heiansdo méi laang dauert, bis et zu engem Urteel kënnst.